



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



ZLS
Zenter fir
d'Lëtzebuenger
Sprooch

Pressedossier

**Nei Publikatioune
vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch,
nei Fonctionnalitéite
vum Lëtzebuenger Online Dictionnaire**

8. Dezember 2020

Nei Publikatioune vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch, nei Fonctionnalitée vum Lëtzebuenger Online Dictionnaire

Den Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch (ZLS) vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend bréngt eng Rëtsch nei Bicher iwver d'Lëtzebuenger Sprooch eraus. Parallel dozou krut de *Lëtzebuenger Online Dictionnaire* eng Hellewull nei Funktionalitéite bäi. Bei den Utilisateure gëtt den LOD ëmmer méi beléift.

1. Nei Publikatioune vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch

1.1. E richtege Schatz: Den éischte Band vun der Serie „Lëtzebuenger Wuertschatz“

„Mat dësem apaarte Choix vun 123 Adjektiven, Adverben, Interjektionen, Substantiven a Verbe beweist den Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch eng gutt Händche fir eis Sprooch, déi vill méi räich ass, wéi een dacks mengt.“ Dat schreift den Educatiounsminister Claude Meisch a sengem Virwuert zu „Aläert, jauwen, Zockerboun“, wéi den éischte Band vun der neier ZLS-Kollektioun „Lëtzebuenger Wuertschatz“ heescht.

„Zesummen, de Räichtum vun eiser Sprooch erhalen“, esou kann een d'Hauptziel vun der neier Serie resuméieren. Eng Partie sougenannt „al Wieder“ si vläicht ville Leit net méi sou geleeft, ma si maachen de Räichtum vun eiser Sprooch aus a gehéieren zum Patrimoine vun eisem Land.

Dës Bicher gräifen op eng flott Aart a Weis al Wieder an typesch Ausdréck op an erklären se. Muencher eng kennt een, anerer begéint ee vläicht fir d'éischt. E sëllege Wieder goufen dem Zenter duerch d'Aktioun *Wonschwuert* proposéiert. Dobäi waren d'Leit gefrot ginn, wéi eng Wieder hinne besonnesch gutt gefallen. E puer honnert Proposen hat den Zenter iwver dee Wee gesammelt, e sëllegen dovun sinn am neie Buch ze fannen.

Op eng faarweg an erfrëschend Aart a Weis ginn am éischte Band nämlech 123 Pärelen aus der Lëtzebuenger Sprooch virgestallt. Se stamen all aus dem Lëtzebuenger Online Dictionnaire, verloossen awer hei hire strengen Dictionnaireskader, fir vun der Grafikerin Laurence Dostert ganz spilleresch an ouni Beréierungsängscht an Zeen gesat ze ginn. E richtege Schatz!

Dës Serie setzt sech an de Kader vun eise Beméiungen fir d'Lëtzebuenger Sprooch ze erhalen an ze dokumentéieren an d'Bicher solle Loscht maachen op d'Lëtzebuenger Sprooch. Mat enger partizipativer Approche soll séchergestallt ginn, dass d'Lëtzebuenger Sprooch vu fréier och dokumentéiert bleift. Dofir ruffe mer d'Leit am Kader vun enger grousser Campagne d'nächst Joer op eis Wieder, Spréchwieder, Sproochgewunnechten asw. eranzeginn.

12 Bicher sinn an dëser Serie geplangt an am zweete Band ginn 100 Spréchwieder a Riedewendungen gewisen an erkläert.

Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch:

Aläert, jauwen, Zockerboun – 123 Pärelen aus der Lëtzebuenger Sprooch

Serie: Lëtzebuenger Wuertschatz, Band 1

ISBN 978-2-9199644-1-3, 96 Säiten, 10 Euro

1.2. Vun *abalsaméieren* bis *zuiwwelen*: En aktualiséiert Verbebuch fir d'Lëtzebuenger Sprooch

D'Flexioun vun de Verben am Lëtzebuergesch ass alles anescht ewéi einfach. Dofir huet den Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch en aktualiséiert Verbebuch erausbruecht – als Nofolger vum sougenannte grénge Verbebuch (*Les verbes luxembourgeois* vun 2005), dat jorelaang gutt Déngschter geleescht huet. Nom Reegelwierk *D'Lëtzebuenger Orthografie* wëllt dat neit Wierk mam Titel *D'Lëtzebuenger Verben* eng praktesch Hëllef beim Konjugéieren duerstellen.

Eppes iwwer 6.000 Verbe sinn aktuell am *Lëtzebuenger Online Dictionnaire* (LOD) verzeechent, all mat enger Konjugatiounstabell. Si sinn d'Basis fir dat neit Verbebuch, dat de Lieser vun der Lëscht mat de Stammzäiten allkéiers bei eng komplett Verbtabelle féiert: Net manner ewéi 82 Mustertabellen (an der Reiefolleg Hëllefverben, Modalverben, Vollverben) presentéieren déi ganz Panoplie vun der Flexioun. Fir d'Mustertabelle goufe virun allem Verben ausgewielt, déi besonnesch heefeg am LOD opgeruff ginn.

Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch a SCRIPT: D'Lëtzebuenger Verben
ISBN 978-99959-1-205-5, 256 Säiten, 18 Euro

1.3. „Eis Sprooch richtig schreiwen“ vum Josy Braun op Franséisch

Am Kader vun der completéierter Orthografie vum November 2019 huet den Zenter dem Josy Braun säin Orthografie-Klassiker, „Eis Sprooch richtig schreiwen“, nei erausbruecht gehat – als Léierwierk zum Reegelwierk. Elo ass dëst Bichelchen och op Franséisch disponibel, fir de francophonnen Interesséierten en agreabelen Zougang zu der Lëtzebuenger Rechtschreiwung ze bidden. Ënnergitt: *Une introduction à l'orthographe luxembourgeoise*. Ëm den Update huet sech den Helmuth Sperl gekëmmert, d'Iwwersetzung gouf vum Angela Tumiotto a vum Christine Schmit fir den ZLS realiséiert.

Josy Braun: Eis Sprooch richtig schreiwen – version française
Une introduction à l'orthographe luxembourgeoise
ISBN 978-99959-1-208-6, 136 Säiten, 15 Euro

1.4. „Eis Sprooch richtig schreiwen“ vum Josy Braun op Englesch

Fir deenen, déi eng Affinitéit zu der englescher Sprooch hunn, och e méiglechst liichten Zougang zu der Lëtzebuenger Orthografie ze ginn, gouf dem Josy Braun seng Orthografie-Didaktik och op Englesch iwwersat. Ëm dës „Introduction to Luxembourgish Spelling“ hu sech d'Sarah Hess vum ZLS an den John Phillips gekëmmert. De Klassiker vum Josy Braun ass also elo an dräi Sproochen disponibel: op Lëtzebuergesch, op Franséisch an op Englesch.

Josy Braun: Eis Sprooch richtig schreiwen – English Version
An Introduction to Luxembourgish Spelling
978-99959-1-207-9, 128 Säiten, 15 Euro

1.5. D'„Grammaire de la langue luxembourgeoise“ gouf iwwerschaft a bleift disponibel

Zanter 15 Joer gehéiert déi „blo“ Grammaire (op Franséisch) zu de Standardwierker, wann et ëm d'Lëtzebuenger Sprooch geet. D'Wierk vun den Auteure Josy Braun, Marianne Johans-Schlechter, Josée Kauffmann-Frantz, Henri Losch, Geneviève Magnette-Barthel zesumme mam Jackie Messerich vum Projet *Moien* war elo vergraff a gouf dofir vun der Dr. Caroline Döhmer an der Dr. Judith Manzoni-

Luxenburger fir den ZLS un déi aktuell Orthografie ugepasst. D'Grammaire vun der Lëtzebuenger Sprooch ass also weider ze kréien, parallel dozou huet den ZLS ugefaangen, un enger eegener, ganz neier Grammaire ze schaffen.

Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch a SCRIPT:

Grammaire de la langue Luxembourgeoise / Grammaire vun der Lëtzebuenger Sprooch

ISBN 978-99959-1-206-2, 144 Säiten, 12 Euro

1.6. D'Lëtzebuenger Orthografie – am Nodrock

Zejoert am November gouf déi aktualiséiert a completéiert Lëtzebuenger Orthografie virgestallt. Zanter der leschter Rentrée ass si jo eleng a Kraaft, wat nach eemol zu enger grousser Nofro gefouert huet: Ronn 14.000 Exemplairë vum offizielle Reegelwierk goufen an der Tëschenzäit verdeelt. Fir datt d'Lëtzebuenger Orthografie och nach weider ze kréien ass, schafft den ZLS grad un engem Nodrock. Am Januar 2021 dierft d'Reegelwierk also nees am Zenter ze kréie sinn – gratis. Einfach via lod@lod.lu bestellen.

Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch a CPLL: D'Lëtzebuenger Orthografie

ISBN 978-99959-1-163-8, 112 Säiten, 0 Euro

1.7. D'Landkaart met lëtzebuergeschen a franzéischen Uertsnumm am grouse Format

Dir wëllt wëssen, wéi déi offiziell, meeschtens franséisch Uertsnumm op Lëtzebuergesch heeschen a richteg geschriwwen ginn? Déi zweesproocheg Landkaart deen de Ministère d'lescht Joer erausbruecht huet gëtt et elo och am groussen, op déckem Pabeier, an de Librairien.

Posterkaart Lëtzebuerg, 1:100.000, Format 72,8 x 101,0 cm, Pabeier, 200 g/m², ISBN 978-99959-1-195-9, 10 EUR.

Sämtlech Publikatiounen huet den ZLS zesumme mam SCRIPT editéiert. Ze kréie si se an de Librairien (just d'Orthografie gëtt et op Ufro nëmmen am ZLS).

2. LOD: Méi Trafick, méi Artikelen, méi Funktiounen

Den Interessi fir d'Lëtzebuenger Sprooch beim Grand public weist sech och an de Frequentatiouns-Zuele vum Lëtzebuenger Online Dictionnaire (LOD): An de leschten zwielef Méint sinn net manner ewéi 9 Milliounen Wiederbuch-Artikelen gekuckt ginn. An der Moyenne ginn all Dag 2.500 Leit op de Site. An de Vakanzen an de Weekend ass et gewéinlech méi roueg ewéi an der Woch, wou alt Spëtztz vum 3.500 Useren den Dag erreicht ginn. Op esou Deeg ginn dann och iwwer 40.000 Artikelen opgeruff.

Dëse groussen Uklang an dee ville Feedback, deen den ZLS kritt, ass Motivatioun, den LOD an engem Stéck auszebauen an ze verbesseren.

2.1. Covid-19-Glossaire

Inhaltlech gouf der aktueller Situatioun Rechnung gedroen: Duerch de Covid-19-Glossaire (<https://lod.lu/covid-19/>) goufen op ee Coup ëm déi 300 Wierder beschriwwen, déi duerch d'Corona-Kris (méi) an de Gebrauch koumen. Dorënner natierlech vill Anglizismen: Cluster, Drivethrough, Homeschooling, Screening ... De But vun deem Glossaire war an ass et, déi aussergewöhnlech Situatioun op d'mannst um sproochleche Plang gräifbar ze maachen. Virun allem an de Méint vum Lockdown hat de Glossaire vill Succès: Am Mee gouf e bal 8.000 Mol consultéiert.

2.2. Template-Artikelen

Mat sougenannten Template-Artikelen kréien d'Utilisateuren elo e besseren Abléck an d'Aarbecht an an de Workflow vum LOD. Déi Zort vun Artikel weist d'Wuert eleng mat senger grammatescher Kategorie. Well do en Deel vun de Relectures-Prozeduren ewechfällt, ka méi séier reagéiert ginn, wann opfällt, datt e wichtegt Wuert feelt. Iwwer 1.600 där Artikelen goufe rezent bäigesat ([Chargeur](#), [Geessefouss](#), [prellen](#), [tweeten](#), [zuschan](#), ...) a ginn iwwer déi nächst Méint komplett ausgebaut, mat Iwwersetzungen, Beispillssätz a Synonymmen.



Däppchen männlecht Substantiv (Pluriel Däppercher)

Hei entsteet en neien Artikel. Fir zousätzlech Informatiounen kënnt Dir den ZLS [kontaktéieren](#).



2.3. Verlinkung mam LWB

An Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg ass eng Lëscht opgestallt gi vun den zum Deel vereezte Wierder, déi bis elo nach net am LOD ze fanne waren, awer heefeg an der online Versioun vum *Luxemburger Wörterbuch (LWB)* gesicht ginn. Déi Wierder goufen de Richtlinie vum LOD no opgeschafft. Dobäi goufen nëmmen déi Sënner zeréckbehalen, déi verschidde Mammesproochler och haut nach kennen.

Déi „nei“ Artikelen sinn all mam LWB verlinkt. Esou kann den interesséierte User kamoud tëschent deenen zwee Dictionnaren hin- an hiersurfen.

Sieschter männlecht Substantiv

1. (Pluriel Sieschter)

DE *Sester, Sechter* [Maßeinheit] FR *setier* [unité de mesure]

Beispiller

e **Sieschter** sinn 20 Liter

wéi vill **Sieschter** Huewer ginn an dës Säck?

bréng mer vum Maart en hallwe **Sieschter** Grompere mat!

2. (Pluriel Sieschteren)

DE *Sester, Sechter* [Behälter] FR *setier* [contenant]

Beispill

d'**Sieschteren** ware fréier aus Holz, spéider aus Metall

Dëst Wuert gëtt och dacks am *Luxemburger Wörterbuch (1950-1975)* gesicht. [Hei](#) fannt Dir de betreffenden Artikel.

2.4. IPA-Transkriptioun

An Zesummenaarbecht mam Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft vun der Uni Lëtzebuerg ginn och d'IPA-Transkriptiounen vun den *LOD*-Wierder progressiv bäigesat. Nieft den Audios-Dateien, déi ee bei all Wuert ka lauschteren, kann een sech deemno och elo op eng aner Manéier iwwer d'Aussprooch vum Lëtzebuergesch op lod.lu informéieren.

Taart weiblecht Substantiv (Pluriel Taarten)

DE *Obstkuchen, Kuchen* FR *tarte* EN *tart [pastry]* PT *tarte*

Beispill

als Dessert gëtt et e Stéck **Taart**

i Aussprooch

• Taart [t̥ aːrt]

• Taart, Taarten 

IPA-Transkriptioun: Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft, Universitéit Lëtzebuerg.

2.5. Videoe mat Gebäerdesprooch

Fir d'Lëtzebuergesch Sprooch nach méi zougänglech ze maachen, gouf eng fënneft Iwwersetzungssprooch an den *LOD* opgeholl, an zwar d'Gebäerdesprooch. Op Initiativ vun an an Zesummenaarbecht mat der Associatioun Hörgeschädigten Beratung SmH ginn déi 1.000 beléiftsten *LOD*-Wierder a kuerze Videoen an der Gebäerdesprooch gewisen. Déi Clippe kënnen op LOD.lu bei de betreffenen Artikelen gekuckt ginn. Ausserdeem ginn se och zur Verfügung gestallt, fir op anere Plattformen fräi kënne genotzt ze ginn. Déi éischt puer honnert Videoe si schonn online, bis Enn des Joers kommen déi aner no.

sangen Verb (Hëllefverb *hunn*, *Participe passé gesungen / gesong*)

>> transitiv

1. DE *singen* FR *chanter* EN *to sing* PT *cantar* 



2.6. OpenDyslexic

Am Beräich Accessibilitéit gouf och nach e weidere Schrëtt ënnerholl: Den *LOD*-Site kann neierdénks an enger Schrëft (OpenDyslexic) gekuckt ginn, déi bei verschiddenen Dyslexie-Symptomer beim Liesen hëlleft.

Hierscht männlecht Substantiv (Pluriel Hierschter)

DE Herbst FR automne EN autumn PT outono

Beispiller

am Hierscht falen d'Blieder vun de Beem

hie steet am Hierscht vu sengem Liewen ëgs [hien ass schonn al]

OpenDyslexic

2.7. Nei Wieder, nei Schreifweisen

Zanter dem Ufank vum Joer bis den 15. November 2020 sinn 2.221 Entréeë bäikomm. Dovu sinn der 1.680 sougenannten Template-Artikelen.

Déi ronn 540 aner, fäerdeg ausgebauten Artikelen, si selbstverständlech duerch de Covid-19-Glossaire (<https://www.lod.lu/covid-19/>) bäikomm,

[Caddieflicht](#), [Otemnout](#), [Teststatioun](#)

awer net nëmmen: [\(en\) ettlech](#), [Fuesméindeg](#), [Liteschfläsch](#), [uneneewuessen](#).

D'Wiederlëscht, déi um OpenData-Portal vum Gouvernement zur Verfügung gestallt gëtt, konnt och ëm Honnerte vu Formen erweidert ginn. Den Detail vun den Ännerunge fënnt een hei an de gängige strukturéierte Formater (xml, json) an och iwwersichtlech als html-Fichier:

<https://lod.lu/anerungen/2020/>

Fir Froen zu deenen Ännerunge steet d'Ekipp vum *Lëtzebuenger Online Dictionnaire* lech gäre Ried an Äntwert: lod@lod.lu.